

Fro' an Ee'ren




DEN
NEIEN DOKTER

Schwank an engem Akt

vum

R. R.



REDANGE-SUR-ATTERT

Imprimerie WINTER FRÈRES

1933

1. Optritt

JANF

P e r s o ' n e n :

Dokter Medicus

Jang, sei Bedengter

E Bauer

E Student

Soda, e Séfkommiss

E Bedengter wun engern Schlass

Märten, dé man gebrauchenen Arenn

(Vir Hausdruecht vum Dokter passt am beschten e weisst
Ärmeschriftleg o'der e weisse Coiffeurspaletong)

(ass amgang, dem Dokter sei Bureau opzertumen —
eleng) « A wo' soll dann den Dokter haut rëm eng
ganz Zeit stiechen ? — Et ass net me' auszehalen!
Van Dag zo' Dag gët dé Kérel me' granzig. Hié ka
geschwënn sech selwer net me' ausston... !

We' wann ech derfir könn, dat ké Mënsch sich
me' bei en weisst! Zo' Bitschderef wor et scho so',
an hei gët et, we' et schengt, net besser ! Elo si
mer schon 8 Dég hei, ann t'huet nach ké sich ban-
nert der Dir gewiesen. — Krisis, richtig Krisis !

Duerfir léft en och Dag an Nuecht doerëmmer
spaze'eren. (gelassen) Hé versommt jo och neischt,
t'ass wo'er, mä ech kann d'Pankläcken. (Höllt ènert
dem Däsch dem Dokter senger Schong én eraus a weisst
en) Nu kuckt iéch enol nëmmen do ! Dé Knascht-
bommel ! Wann ech en hei hätt, ech schle'g em
s'ann de Kapp, eso' läng, we' eng Suel dru wiér !
Dreckigen, éckelige Mupp do !...

(Zo' de Leiden) — Ass et dann net wo'er ? Elo
huet et well drei Woche keng Dröpps me' gerént,
son se, wo' fënnt en nëmmen dé Bulli all ?

(Ganz ro'ég) Nujé, wat soll ich méch iégeren ?
Loss mer s'alt rëm ofkratzen, dan ass et gutt.
(rëm rôsen) Awer dat son ich em, wann dat eso'
viru gët... Né, Männchen, da fëmms de nët... .

(setzt de Schong nider a kuckt iwer den Däsch) A
wat en Däsch do ! En Durgenén, wé' Hé a Stre' !
(Hiewt Zeitongen zusummen) Hei elei ! sei Brëll ! Dé

ge'w mir sächer nach ewell gut gön! (*Dét en op*)
 Gesitt der, hie passt mer, we' ungegoss! Ech wärd
 sächer ganz gele'ert drakucken! Hätt ich elo seng
 Képchen nach, da wier ech gebotzt; da wier den
 Dokter férdeg. (*sicht énnert dem Papeier*) Aha! hei ass
 se, ann och d'Schnaufbëx, alles, ce qu'il faut.

(*setzt Képchen op an höllt eng Schnauf*). Prosit!
 (*ne'sst*) Gott sën dich a Merci!

Eso', an dann kucken ich ganz dribse'lig a lang-
 weilig (*iwert de Brëll*) dran, hei eso', an da wetten
 ech, sét jidwerdrén, ech wier den Dokter selwer.

(*Dobannen be'ert én Trëtt*) Lauschter! Zapristil!
 Nën, t'ass én âneren! (*Hie kuckt, we' wann em op*
émol engt Licht opge'ng) Hannen um Enn ass dât é
 Kranken. Da komm, mei Jong, ech sin parat! (*Hie*
setzt sich un den Dësch, a mëcht, we' wann e ge'w
schreiwen. Et klappt un der Dir) Herrrein!

2. Optrëtt.

(*E Bauer mat engem Staf kënnt eran. Hien dét seng*
Kap of a sét he'ferlich)

BAUER

«Gudde Muergen, Her Dokter!»

JANG

(*schnauppeg*) «Bojour! watt wönscht der?»

BAUER

Ech wönschen léch é gudde Muergen, Her Dokter.

JANG

Dé kënnt dir mer net gin, wönscht der nach soss
 Eppes?

BAUER

(*stutzig*) Sit dir vleicht net den Dokter...?

JANG

(*bé's*) A wién da soss, du Eselskapp?

BAUER

(*hurteg*) Dach, dach, Her Dokter, mä well der eso'
 ... du hät ech gemengt ...

JANG

Wat engt Getroters! Du mengs sächer, ech hätt
 meng Zeit, fir d'Schwein dermatt ze fidderen. Wat
 wöllst de?

BAUER

Entschöllegt, Her Dokter, ech hun Eppes um Herz,
 an dat wollt ech...

JANG

(*Hósslech*) Um Herz, ja, ja, dat ass eng Hërze-
 kränkt. Weisst emol de Bolz! (*Hié fillt en*) O Mamli
 Kanner. (*Hié verdré'nt d'Aen a sét*) Mei le'we Petter,
 et stét schlecht, se'er schlecht. O' der hues de vleicht
 de Muergen zimlich stark un der Branttwainskluck
 gelútscht? Wé'?

BAUER

Nën, Her Dokter, sächer net; t'ass net fir mech
 datt ech kommen, t'ass fir mei Buew, de Jépi.

JANG

(*bé's*) Fir dei Buew? Ma wurfir sés de dât dann net
 gleich, du Stâches do?

BAUER

Majo, Her Dokter, dir huet mech jo net schwätze
 lösst...

JANG

A watt félt dem Mätti o' der Jépi dann, o' der we'
 héscht en?

Bauer

Jépi, Här Dokter! An en huet eso' schrecklech
 Hétzt am Kapp, a Stiéch an der Seit an all Ze'we
 kal.

JANG

(*mat ganz iéchtem Gesicht*) Dat ass d'Episodis
 Epidermis.

Bauer

(*fiért zusommen*) T'Epirodis Epidermis...! Ass dat
 Eppes Uerges, Her Dokter?

JANG

t'ass démno! t'sin der, de' dervu kommen;
 mä de' méscht sin drun.

Bauer Aarmen, aarme Jépi ! Aarmen, aarmen Wirmchen !

Jang Hau'lt dach net ! Ech kann em vleicht nach hëllefen.

Bauer O, Her Dokter, hëlleft em. Ech bezuele giéren, waat et kascht ; a wan en rëm gutt get, kritt der och nach Eppes derbei, eng Hâm, eng Zossis, an é Jud, wa mer schluechten.

Jang Ech hëlleffen. (*Denkt e we'nig no*)

Bauer A wieviel kascht daat dann?

Jang (*ganz ro'eg*) Dat wiér fir en Dâler.

Bauer (*bezuelt*) Wannigglift

Jang Merci ! (*hién récht em d' Schnaufbëx*) Dann heit, dann huelt der awer och nach eng Schnauf mat !

Bauer (*höllt d'Lued a liss se aus Ongeschëcklichkët op de de Buedem fallen*).

Jang (*kuckt be's*)

Bauer (*opgeregt*) Oh, pardon, Her Dokter; ech konnt nit derfir ! Huet der vleicht eng Bischt do, da kropen ech de Sâch rëm zsummen. Eiserén ass neischt eso' gewinnt ! (*Hié krypt e we'neg mat der Hand*).

Jang (*iérgerlech*) Wat krôps de dorëmmer? Mengs de, ech soll mer meng Nuesmat Stöps an Dreck fiddenen, du domme Kérel do? Löss leie, wat do leit, dat ass net me' ze brauchen.

Bauer Pardon, Her Dokter, villmolls ! We' kann ech dât, wât ech do ugericht hun, rëm gudd mâchen? Ech mâchen alles, wât der wöllt !

Jang (*gemütlich*) Abé, da rég dech weider nit op, an da brings de mer aus dem Tubâksbuttek én halleft Pond anér Schnauf mat, dann ass et rëm gudd. Vergiés awer net, ech schnauwen nëmnen dé allerbescht !

Bauer Gewëss, Her Dokter, ganz géren ! Schreiw der mer dann elo d'Rezept wannigglift ?

Jang Du brauchs këng Recept, ech gin der d'Medezin vun hei aus direkt mat.

Bauer (*Fro'*) Desto besser, Her Dokter ! Da brauch ech net an d'Apdikt ze laten, an 't kascht och alt net eso' deier, well dé Apdikteren sin verdeiwelt deier Petteren.

Jang (*höllt é Stull, a sicht op engem Schaf ënnert de Medizinfläschelcher*) Aha, hei hu mer d'Affär ! Leontodon Taraxacon off. datt ass de richtige Mëttel. (*hié wëckelt d'Fläschelchen an én Zeitungspapeier, récht se dem Bauer a sét mat Beto'nung*)

Heirunnen also lösst der de Jépi all zwo' Stonnen émol richen, dat kann em neischt schueden. Also verstanen : all zwo' Stonnen émol ! A fir de kal Ze'wen légt der em eng Zill bei d'Fe'ss !

Bauer Merci, Her Dokter. Kascht dat nach Eppes extra?

Jang Nén, dat ass beim Daler vu loe'nschter abegrâff. Also, nach eng Ke'er, gelt net wo'er, bis mar de Mëtteg, eng Auer, mat der Schnauf !

Bauer Jo, Her Dokter. Eddi dann a merci bis mar de Mëtteg !

J a n g Just em eng Auer.
 B a u e r *(gét bei d'Dir fir fortzegon, wöllt seng Kap opsetzen a le'sst de Bengel falen.)*
 opperégt:) Pardon, Her Dokter !

J a n g *(sét neischt, an rëselt de Kapp. Wan de Bauer zu der Dir aus ass, sét en : Wann dén alt net Kapp a Bén verluer huet, iér en hém könnt! (Da stét en op a fängt un ze lachen) Nén, nén, nén ! Dat gong mol fein ! Dat Dokterspillen ass net so' schwe'er, we ech mer dat ëmmer virgestalt hun ! Ann dén Délerchen hei kann ech och gutt gebrauchen. Wärt nëmme, mei Männchen, bis e Sonndeg !*

[An der Trap he'ert én et rëm trëppelen] Donnerwieder, do könnt schon rëm én ! Da muss éch mech awer e we'neg ze'en, datt en e we'neg muss wärden. Dát mëcht ëmmer gudd bei engem Dokter ; da mengen d'Leit, en hätt vill Arbecht. [hién zitt sech lues an huerteg zeréck]

[dobaussen klappt et un der Dir, a we kén Herein sét mëcht den do baussen d'Dir ganz bëssen op, streckt de Kapp erann a lüsst. 't'ass é Stodent, Hié könnt eran a sét:

3. Optrëtt.

Stodent *(Mat ganz preisischem Axent) Niemand da? So will ich ein wenig warten. Soll auch Arrzt werden, und jetzt vor meinem letzten Examen auf einige Wochen zu Herrn Doktor Medicus in die Stage kommen. Wird wahrscheinlich in der Kommission als Examinator fungieren, und da kann es gar nichts*

schaden, den ehrenwerten Herrn vorher etwas näher kennengelernt und sein Schüler jwesen zu sein. Ich habe ihm dieserhalb geschrieben und 100 Mark angeboten; hoffentlich wird er mein Angebot nicht ablehnen. Aber jetzt heisst es, ihm gleich von von Anfang an imponieren, und deshalb werde ich ihn auf Latein anreden... Kolossal feine Sache, watt?

J a n g *(könnt erëm, kuckt de Borscht iwert de Brëll un).*

Stodent *(mëcht huertig éng flott, de'w Verneipigen a sét feierlich)*
 Reverendissime doctor, ego, servus tuus te saluto !

J a n g *(fir sech) Elo gët et sche'n! De schwätzt Latein... (bé kuckt nach ëmmer schärf iwert de Brëll),*

Stodent *(mengt den Dokter wiér härthe'reg a sét nach eng Ke'er me' härte).*

Reverendissime doctor, ego, servus tuus te saluto!

J a n g *(Kurz) per omnia sæcula sæculorum ...!*

(Hién gët op de Stodent duer a sét streng) Mengst du Dabo, ech hätt dát well all verle'ert ! Dat Latein, dat ech zeng Joer am Kolleg an acht Joer op der Universite't bessergewosst hun, we's du deng Zopp ? Watt wëllst de ?

Stodent Erlauchter Her Doktor, ich komme in der Angelegenheit, in der ich Ihnen neulich geschrieben habe ; Sie wissen ja ...

J a n g *(verléen) Aja, Maija, watt war et schon gewesen?*

Stodent *(verwonnert) In Sachen der Stage, nicht wahr, Sie wissen doch ?*

J a n g Etage ? Nein, wir haben nur eine Etage ; davon können wir neischt weggeben !

- Stodent** (*mengt den Dokter me'ch e Witz a lách*) Nicht übel! Der Herr Doktor belieben zu scherzen! Wann darf ich also eintreten?
- Jang** (*Verwonnert*) Was eng! Mä, Ihr seid ja schon eingetreten!
- Stodent** (*ännerde'neg*) Sehr gut bemerkt, Herr Doktor! Ich wollte bloss fragen, wann darf ich definitiv kommen!
- Jang** (*Iwerlét*) Meinetwegen als über ve'erzeng Tage.
- Stodent** Vielen Dank, Herr Doktor! Und soll ich vielleicht gleich eine Auszahlung machen?
- Jang** (*fro'*) Anzahlung? (*hién reift sêch d'Hänn*) Oh ja! Sicher! Ganz Gewiss!
- Stodent** Wieviel, Herr Doktor?
- Jang** (*gelössen*) Wat mehr, wat lieber.
- Stodent** So gebe ich Ihnen 25 Mark; den Rest in zwei Raten, beim Eintritt und Fortgehen.
- Jang** (*hösslech*) Jawohl, jawohl, ganz wie Sie wollen, ganz wie Sie wollen!
- Stodent** (*récht em 25 Mark*)
- Jang** (*glêcklech*) Merci.
- Stodent** Auf Wiedersehn, Herr Doktor, bis über 14 Tage! (*Ennert Verneipigen zitt en séch zrêck*) Wiedersehn, Wiederseh'n! devotissimus tuus servus
- Jang** (*huerteg*) Et ne nos inducas in tentationem!
- Stodent** (*lách* a *gét of*).

- Jang** (*eleng*) Elo war mer bal de Schwëss ausgängen. — Wat ass et gudd, dat en dobaussen ass! — Awer wann ech nach wësst, wuerfir dé 25 Mark hei gemengt sin! (*lách verscbmézt*) Wuerfir? — Ei, mengt der, éch wiér net eso' domm! sôt de Brullipe'ter: De' si fir eng nei Dunn fir Sondes. (*zur Seit wo' de Stodent fortgängen ass*) Merci, mei Jong, villmol merci an auf baldiges, daxiges Wiedersehen! (*we' de Stodent gemächt bat*) Wiederseh'n Wiederseh'n ...!
- (*zo' de Leit am Sall*) Trotzdem, 't ass dach besser, et kommen nëmme Baueren hei eran; mat dénen kann én sêch me' licht erëmklappen.

4. Optrëtt.

(*Iwert dém leschte Satz kônn* de Soda eran, o'ni un d'Dir ze klappen.) — En ass gekléd, we' én Handelsrésender; an den Hänn dre't en é Bengelchen an é klenge Koffer. — De Bedëngter, dé mer,gt, bién kônn vleicht Eppes verstânen bun, erfe'ert a rannzt en unn:

A we' kônnst du Flantes dann doeranner? Wësst du nach net, datt én un d'Dir klappt, iér én an engt Haus agét, du Stâches do? Elo gés de vif rëm aus a kônns rann, he'ferlech a fein, we' én ordentleche Mënsch dat soll! Ech hale wuel jo?

(*De Soda gét schnaupeg aus a klappt*).

- Jang** Herrrein.
- Soda** (*dét sein Hut of a set verléen*) Bonjour, Her Dokter.
- Jang** Bonjour. (*nach ëmmer kurz gebonnen*) Wié sit der a wat wöllt der?

Soda Mein Numm ass Soda, Handelsrésender a Sèf, Bürger vun hei, Her Dokter.

Jang Mer brauche keng Sèf, zitt léch zeréck an halt mech net op.

Soda Nén, Her Dokter, 't'ass net duerfir. Ech fe'le mech net recht gudd, an duerfir wollt ech bei léch kommen.

Jang Ah, so' ! Datt ass eng aner Sâch, dann huel der Plätz.

Soda (*zitt é Stull erbei, sét Pardon' a setzt séch*).

Jang (*steipt de Kenn op d'Hand a frét*). A wo' félt et dann?

Soda Ja, 't'ass eng bosseg Sâch, Her Dokter ! Wann ech Ech Eppes giéss hun, da leit er émmmer am Mô; a mei Bäck hei, dé lenken, wann ech do drop drécken, dann dét et mer ganz wé', ann t' ass mer och émmmer eso' domm am Kapp. Meng Fra mengt alt émmmer. et wiér vun enger Erkältigung, ech ka mech awer glat net erénneren, wo' ech dé sollt operâft hun.

Jang (*höllt nodenklech engt deckt Buch erbei, a blédert a sét.*)

• Omolopsala puri. De' Sâch kennt me' dax fir. 't'ass awer weider neischt. Wan neischt derzo' schle't, kann én domatt honnert Joer al gin. Den drëtten Késér vun China hat dat all sei Liéwen.

Soda (*ôtemt de'w*) Ah eso', da sin ech alt fro', datt et neischt Uerges ass. Watt soll ech dann dergént mâchen, Her Dokter ?

Jang Eigentlech net vill.
E'chtens, wént dem Mo. Du hues dech verfréss.
Wat hat der géschter ?

Soda Liéwerknédelen, Her Dokter.

Jang Liéwerknédelen, maija, dat ass jo d'Affär, A wiewill hues de der giéss ?

Soda Net appârt, Her Dokter; zwe' klenger Plättele voll.

Jang (*We' aus de Wolleke gefall Zwé' Plättele voll, maijo, abbé merci. — Da lauschter : Elo iéssst de drei Dég lang glád neischt, höchstens mueres én Tâsentellerche voll Schleimzopp; mëttes, eng Tass Schmullbrei, an owes, den drëtten Dél vun enger hâlvver Schmier, o'ni Botter.*)

Soda (*erfe'ert*) Oh mai, Her Dokter, dann erhéngeren ech jo.

Jang (*ganz ro'eg*) Och né, mei Jong. Et erhéngert én net eso' huerteg. We' ech gesot hun ... ? A wans de awer solls eng Ke'er ze vill hongreg gin, dann erlaben ech der, heiensdo op de stengeschte Bur doropperzegon an eng Schlippche kâlt Wässer an de Mond ze huelen, awer weider neischt, miérk der et, well soss, mei Jong, kann ech fir neischt garante'eren... .

Soda (*traureg*) O mai, Her Dokter, . Abé, da man ech et alt, wann et net anischer ass. A fir de Bäck ?

Jang Dét en der nêmmen we', wanns de dru fiérs ?

Soda Jo, Her Dokter.

- J a n g** Abé, dann ass de' Sâch jo ganz einfach: Da fiérs de eben net me' drun. Verstanen? Du liss de Bäck sche' ganz ro'eg.
- S o d a** Jo, Her Dokter ; a fir de Kapp ?
- J a n g** Ass et der dann dax domm am Kapp ? A wo'rëmmer ?
- S o d a** (*Weisst iwert de ganze Kapp*) Alldorëmmer, Her Dokter, an de ganzen Dag.
- J a n g** Ja, ja, dat ass dat Schlëmmst. Well gént Dommhét ass net vill Kraut gewues. Wann dat net vum selwe vergét, an ech mengen, duerfir bass du well z'al, dann ass neischt ze mâchen... Du miss emol kucken, d'ass d'op irgend eng Mane'er me' gescheit giéws. Wann domat neischt ze mâchen ass, da wéss ech och ké Mëttel.
- S o d a** Ah, Her Dokter, ech gesin, dir sit e gescheite Mann. Ech werd mer da Me' gin, fir de' Affär eso' ze besuergen, an da werd et sech sêcher alt rëm schëcken.
- J a n g** Verlöss dich drop.
- S o d a** Muss ech dann nach eng Ke'er rëm kommen ?
- J a n g** Ech mengen net. Wanns de merfollegs, ass an drei Dég t'Hapsâch fort. Wann net, kanns de jo nach eng Ke'er hei passe'eren, awer nëmnen mueres vir âcht o'der mëttes vir eng Auer.
- S o d a** Jo, Her Dokter, a wiewill wiér ech dann an érer Schold ?
- J a n g** Fir all Mëttel zwo' Mark — dreimol zwo' mecht 6 — zwe'n Daler.

- S o d a** (*dém dat ze stárk schengt*) 6 Mark, Her Dokter ...? Mä dé leschte Mëttel, dat ass jo egentlech kén.
- J a n g** (*be's*) Dé gént d'Dommhét mengst de ?
- S o d a** Maija, Her Dokter.
- J a n g** (*steipt d'Hänn an d'Seiten a jeitzt*) Heielei, Bass du den Dokter o'der sin ech et? Mä, wanns du alles besser wéss, we' ech, wuerfir könnst de dann heihinnen? (*energisch*) Zwe'n Daler, son ech, an ze' dech zeréck !
- S o d a** (*geto'ft*) Jo, Her Dokter. (*hién bezuelt*) Wannigglift a Merci.
- J a n g** (*stëcht d'Suen an, sét neischt a kuckt e be's*).
- S o d a** Orvoir, dann Her Dokter ; bis eng aner Ke'er!
- J a n g** (*kurz*) Eddi ! (*Wann de Soda fort ass :*)

5. Optrëtt.

- J a n g** (*eleng*) Dé Kérel ge'f nach ewell frech, wann én e gewärde le'ss ! - Maija, mei Jëngelchen, hei gëtt pare'ert! Ech muss och pare'eren, wann de Patron hei ass. — Watt ass et ower gutt, dat dén de Muergen eso' lãng fort ass : e'schtens, well mech der Deiwel hiél, wann e wéss, wat ech de Muergen hei gesticht hun, an zwétens, well ech haut scho me' Geld verdëngt hun, wié hién de ganze leschte Mo'nd. (*hié kuckt zur Fënschter aus - fro'*) An eso' weit, we' é geseit, strössop, strössof, weisst en sech nach ëmmer net. Desto besser ! Kuck, an elo wöllt ech, et kiém nach dén én o'der aneren, Patient, geld net wo'er... (*neischnotzeg*) well ech sin ëmmer

fro'. wann ech engem arme Mënschen hëllef kann.
(Et he'ert én rëm Trëtt an der Trap. - Jang lauschert a greift schonn no der Képchen an nom Brëll, fir se huerteg wegzeléen. (Fro' :) Nén, hien ass et net, well dém seng Galoschen po'fen vill me' hårt. Olreit, son d'Italjener... (Et klappt un der Dir)

Herrein !

6. Optrëtt

(E Bedengter vun engem Schlass kënnt eran. En ass am Schnëppel o' der besser nach an enger Bedengteruniform. Scint Optriéden ass ausgesicht he'ferlech.)

Bedengter

(mat flotter Verneipigen) Bonjour, Her Dokter !

Jang

(sicht och ganz he'ferlech ze sin) Bonjour, bonjour Her ! A wat verschäft mer dann elo ..., elo dé Dëngen, dé ... dé E'er vun Erem Besuch ?

Bedengter

(zitt eng Visitekaart eraus, récht se mat enger Verneipigen a sét :) Exkuse'ert, Her Dokter, meng Herrschaft, den Her Barong vu Schibbereng an d'Madam Barong lëssen léch frëndlech gre'ssen an hätte giéren Eren Avis, Her Dokter, iwert hir zw'e Buewen.

Jang

A wat fiélt déne Kérelen dann ?

Bedengter

Mä die jong Heren, Her Dokter, fir et nicht eraus ze soen, sin e we'neg, e we'neg, wie soll ech soen, Her Dokter, e we'neg korpulent, we'é sét, e we'neg dëck ...

Jang

(hurteg) Ja, ja, ech verstin, dëck bratscheg, geldirt ?

Bedengter

(reift sech verléen d'Hänn) Ça, Her Dokter ! Ech wollt dat Wuert net soen, Her Dokter, mä dir huet mer et vum Mond geholl, et ass eso', Her Dokter.

Jang

We' al sin dé Kérelen ?

Bedengter

Dé jong Heren kre'en de März hir 3 Joer, Her Dokter.

Jang

(no kûrzem Nodenken) Dé Sâch ass ganz einfach. Elo git der hém a sot der Herrschaft, si sollen déne Kérelen sechs Woche läng nëmme Wässerzop mat gere'schertem Bro't gin, an net zevill, an si sollen se all Dag spaze'ere fe'eren, net an der Kutsch, mä zufo'ss, annerhallef Stonn weit.

Bedengter

Ça, Merci Her Dokter. Ech werd net verfelen. der Herrschaft d'Kommissio'n auserichten, mä, datt ech net iren, Her Dokter, *(hiénziélt op de Fangeren op)* also, sechs Woche läng Wässerzopp mat gere'schertem Bro't, an net ze vill, an all Dag eng Promenad vun annerhallef Stonn, net an der Kutsch, mä matt hire propere Fe'ss !

Jang

Ça !

Bedengter

(fällt em an d'Riéd) Pardon, Her Dokter, wann ech ënnerbréichen ! Dé fe'eren Dokter, Her Dokter, hat gesot, dé jong Herensollten heiensdo eng Tiéschen Dëschtelsthe' drénken, muerges enichter an owes firum Schlofegon, an do wëllt d'Madam wëssen, Her Dokter, iér se och elo nach domat solle viru fueren ?

Jang

Natürlich, natürlich ! Wat me', wat besser ! Well d'Dëschtelen sin dat Bescht, wat én séch fir jong léselcher denke kann !

Bedengter

(kritt bal kén Otem me') Oh, Her Dokter, Her Dokter... !

- Jang (höllt sech erëm) Dat musst der natirlich richtig verston, selbstverständlech. (Bedängter lauscht) Kuckt, d'lésele si ganz stârk, net wo'er? (Bedängter we' nkt Beifall) An d'lésele fréssen neischt le'wer we' — Dëschtelen.
- Bedängter Dat stëmmt, Her Dokter.
- Jang Maija ! Dëschtelen o' der Dëschtelsthe' gin also Kräft, Stiérkt, net wo'er, an dé Borschte können es drénken, eso vill, we' se wöllen. Dé Al können es och alt heiensdo matdrénken...
- Bedängter (verléen) Hm, ja ... ja, ja, Her Dokter. Bis op dat Beispill do, werd ech menger Herrschaft alles mat-délen. Si dürfen also einstweilen mat dém The' vir-ufueren, mueres enischter, an owes virum² Schlofe-gon (ännerde' neg) Dirft ech dann zum Schluss, Her Dokter, no Erem Honorar froen ?
- Jang (huet net verstanen) Watt mengt der nach ?
- Bedängter Mä, ech wollt no Erem Honorar froen, Her Dokter, wievill der verdlängt huet, net wo'er?
- Jang (fro') Aha ! Jo, jo, ech verstin. Dat wiér, dat wiér ... zeng Frang.
- Bedängter Ceça, Her Dokter. (hié greift an d' Täsche) Meng Herrschaft ass gewinnt, gleich alles an Ordnung ze bréngen ...
- J A N G (gemittlech) Dat ass och émmer dat Allerbescht. Wé gleich bezuelt, vergéssst et net, an én aneren brauch jo och alt seng Suen.
- Bedängter (bezuelt) Zeng Frang, wannigglift !

- Jang Merci !
- Bedängter Merci, och Her Dokter, a meng Herrschaft lisst sech frëndlechst empfielen.
- Jang (steif) An ech och !
(Bedängter gét mat enger Verneipigen of)

7. Optrétt

- Jang (eleng). Dat gét gro'ssartig ! Ech wöllt, et wiéren der bratschiger léselecher nach me' dorëmmer. — A wat Geld hun ech well ! (hién rabbelt dermat) d' Täsche ass bal ze kleng. Mä, dat muss ech elo weg-léen, well derno, wann de Patron rëm ass, da muss ech dorëmmer lafen, an 't wär domm, wann dén Eppes dervun enuecht hiél. (Höllt d' Geld aus der Täsche eraus) Da kommt dir, meng De'ercher ! (Hién höllt sei gro'sst, ro't Nueschschnappëch eraus a bënnt s' an én Eck dervun an) Eso', é Knued am Nueschchnappëch vergéssst én nèt ! (Hién kuckt dorëmmer, wuer en d' Säch verstoppe kënnt. Fir d' lescht dréckt en s' énnert de Schaf) Eso', da sit der lo sche' brav, bis de Mëtteg, dann huelen ech léch matt op meng Mansarde ! Bis e Sonndeg, an da gëtt et Fréd !
- (kuckt op d' Auer) Donnerliéweg, ass et well eso' spe't ! An ech hun nach bal neischt gebotzt. Da gëtt et elo Zeit ! (hién lét hurteg alles um Dësche zsummen. Iwertdém sängt en um Liddchen :
- «Ich bin der Doktor Eisenbart
Kurier die Leut' nach meiner Art ;
Kann machen, dass die Blinden geh'n,
Und die Lahmen wieder seh'n...
Heidoria, etc.»

(*De' zwët Stroph kann e peifen an derbei matt engem Duch un de Mauere stëpsen o' der mat enger BÛscht um Buedem kÛeren*).

8. Optrëtt

(*Den Dokter am Paletong a matt enger Kap op, kÛnnt eran. Hié kuckt be's, geseit de Jang net a fÛnkt un ze ruffen :*)

- Dokter Jang !
Jang (*am Eck vum Zëmmer*) Her Dokter ..?
Dokter (*huet en net gehe'ert a rÛft me' hårt :*) Jang !
Jang (*kÛnnt é Schrëtt me' no. — ro'eg :*) Wanniggelift, Her Dokter ...?
Dokter (*huet en nach net gehe'ert. — Ganz hårt :*) Jang !
Jang (*kÛnnt bis bei en*) Mä, hei sin ech jo, Her Dokter ! Wat wiér léch gefälleg, Her Dokter ?
Dokter (*mat enger energischer Armbewegung*) Jang ech son der, hei bleiwe mer net !
Jang (*verwonnert*) A wuerfir dann, Her Dokter ? Ass eppes net an der Rei ?
Dokter (*iérgert sech*) Jo, Jang, et ass eppes net an der Rei ? Et ass villes net an der Rei ! Et ass neischt an der Rei ?
Jang (*gemittlech*) A watt ass da geschitt, Her Dokter ? Dann erziélt mer mol, watt ass geschitt ?
Dokter (*nach ëmmer be's*) Watt geschitt ass.. ? Watt geschitt ass ... ! Jang, Stächessen sin se. Flantessen, Nigoen, an éch wëss net, watt nach... !
Jang (*ganz ro'eg*) Wié mengt der domatt, Her Dokter ?

- Dokter (*iérgerlech*) Wié mengt der domatt ? wié mengt der domatt ? Wat eng Fro ! Mä, dé Daboen, dé Hennesen a Blessen an der Städt dobaussen, all, we' se dorëmmer lafen.
Jang (*dommverwonnert*) A wuerfir dann, Her Dokter, ech konnt mech nach net iwert se bekloen.
Dokter (*mat dÛckem Mond*) Dat gléwen ech, du hues och neischt matt en ze dongen, mä ech...
Jang Da sot mer emol ganz ro'eg, Her Dokter, watt geschitt ass ; wann ech dann hëllefe kann ...
Dokter Da lauschter ! Do gin ech jo de Muergen, de ganze Muergen iwert de Mårt do, de Mårt do, son ech, Jang ; et ass alles voll Mënschen, Mënschen vun ënne bis uewen, a mengs de Jang, et hätt én énzegen, én énzegen son ech, d'Kap ofgedon a mer 'Gudde Muerge' gesot ? — Nén, kén énzegen, kén énzegen ! We' wann ech Loft fir se wiér, Loft, Loft a weider neischt. Oh, ech kann net me' drun denken, soss muss ech baschten a baschten...
Jang (*d'Ro' selwer*) Dat ass licht z'erklären, Her Dokter,
Dokter (*We' aus de Wolleke gefall*). Licht z'erklären, licht z'erklären ? — Jo, geldu, hier Fiérkelcher, hier Kaffe'sbo'nen, sin e me' le'w a me' wert, we' hiren Dokter, eso' ass et z'erklären...
Jang (*schmotzlächelt*) Nén, Her Dokter, ganz, ganz a guer net !
Dokter (*virwëtzeg*) A we' dann ?
Jang Ganz einfach, Her Dokter, ganz einfach, Kukt, Dir sit do gängen am Paletong an an der Kap, nedirt ?

- Dokter Mä, gewäss ! We' dann anischer? Mengst de, ech soll wiertes am Schnëppel an an der sonndësser Dunn do gon, né, mei Jong, dat rente'ertsech net ! A propos, Jang, war kén heibannen de Muergen ?
- Jang Dach, é Séfkommiss, Her Dokter. Mä ech hun em gleich gesot, mir ge'fen neischt kafen, an hié könnt rëm goen.
- Dokter Dat war gutt gemäch, Jang ! Mä watt mengst de dann do matt der Kap a mam Paletong, wo'es de loe'nschter gesot hues ?
- Jang Maija, kuckt emol, Her Dokter, elo am Umfank kennen d'Leit léch nach net hei; a we' der du de Muergen am Paletong an an der aler Kap do gänge sit, hun se sècher gemengt, Dir wiérd é Ké'fockert o'der é Schweikéfer eso eppes, an duerfir huet kén léch de Gudde Muerge gesot. Ech an Erer Platz ge'f emol eng Ke'er mam Schnëppel a matt der Dunn probe'eren, ech wetten, da wiér et vill anischer.
- Dokter (*nodenklech*) Jang, ech mengen, du kanns nach ewell recht hun.
- Jang (*lússeg*) Ganz sècher, Her Dokter ! Probe'ert et, da werd der gesin !
- Dokter (*no enger klenger Paus — am Kommandoto'n*): Jang, brëng mer de Frack an den Zylinder !
- Jang (*fro'*) Jo, Her Dokter. (*hié léft de Sâche sichen an hëlleft den Dokter undongen*) Eso', Her Dokter.
- Dokter Gutt, Jang ! Da gin ech elo nach eng Ke'er. Wann é könnt, da sés de, hié soll warden bis gént en Auer

- halwer zwiélef, o'der hié soll de Mëtteg erëmkommen. Wann et awer eppes ass, wat presse'ert, da kann e mer jo iwert de Märt nogelaf kommen ; mam Frack a mam Zylinder hei kennen se mech jo!
- Jang Jo, Her Dokter.
- Dokter (*dre'nt sech ém fir fortzegan. Bei der Dir kuckt en nach, eng Ke'er erëm a ríft :*) Jang !
- Jang Wannigglíft, Her Dokter?
- Dokter A wo' ech elo fort sin, gés de am mei Bureau dobannen an zitts d'Schrauwen vun der Zännfotell un ! We' ech des Dég dém dëcke Schmitt seng Backzänn gerappt hun, ass d'ganz Geschicht wackelig gin. Du kanns och e puer Nél durech d'Stëmpelen an de Buedem schloen, datt se me' fest stët. We' ech zu Bitschderef dem Kantonjé seng Spiérk rappe sollt, ass se mer an all Ecken dorëmmer nokomm.
- Jang Ech huele Broschen, Her Dokter, dann hält se.
- Dokter Jo (*hié géf of*).
- 9. Optrëtt**
- Jang (*eleng*) Do hätte mer e jo rëm glëcklech aus de Fe'ss!-- Dann huele mer elo dé Broschen amâchen d'Affär an d'Rei. Mä, 't hält net. Ech hun em schonn honnert Mol gesot, hié sollt et mâchen, we' an der Zeit de Märten dohém. Wién do d'Zänn we' hat, go'f op de Bueden geluegt, krût én Eck vum Tapis iwert d'Stir geschloen, de Fo'ss drop gesat, an da virun. Do sin dé Kérele komm, et war eng

Fréd. Eso' huet é Force, dat anert alles gët: neischt. Mä hié wëllt et jo besser wëssen, da muss et alt gon, we' et gët. (*hié kuckt zur Fënschter aus*) Dohannen könnt é mat engem verbonnenen Arem. Hm! (*kuckt me' schärf*) Lënks rechts, lënks, rechts, d'Säch mëcht sech. Komm, mei Jong, komm ! Fért net ! (*könnt hösslech bei den Dësch, schle't en dëckt Buch op a set :*) Elo muss ech mer nach huerteg é gele'erten Numm sichen, dat ech wëss; wat em fiélt. Aha, dat ge'ng. Pulsus debilis, pulsus debilis (*hié grommelt et e puermol viru sech hin, kuckt dann an d'Lúcht a sicht sech den Numm gutt anzetrüchteren*) pulsus debilis, (*me' lues*) pulsus debilis, pulsus debilis, pulsus debilis. Eso', well gët et. Pulsus debilis. (*hié setzt de Brëll an d'Képchen op an dét den Dokteschaletong un*) pulsus debilis, (*et klappt*) Herrein !

Märten (*könnt eran. Hién dre't den Arem an enger Schlängel a schneit Gesichter we' én, dé vill Peng huet*) Gudde... Muergen... Her ... Dokter!

Jang Gudde Muergen! Wat fiélt?

Märten (*we'mert*) O... Her Dokter ... ech si gefall ... an hun den Arem gebrach.

Jang Dat ass neischt. Da mâch emol huerteg de Leileger do erof, fleiss dech, ech hun de Muergen net vill Zeit !

Märten (*wëckelt d'Dicher vum Arem lass, a schneit ëmmer me' Gesichter*) Oh, Her Dokter, dat dét we' dat dét we' !

Jang (*ongedëlleg*) Et muss én net eso' empfindlich sin ! Schumm dech! Weiss emol hiér ! (*hién zitt d'Dicher*

hösslech weg, zitt an drëckt um Arem erëm -- de Märten jeitzt)

t ass neischt, glad neischt, net derwèrt fir, dervun ze schwätzen : én einfachen, richte Broch. Pulsus debilis, pulsus debilis, eng Geschicht vun 3 Wochen.

Märten Wat muss ech da mâchen, Her Dokter?

Jang Glad neischt. Elo schinnen ech der en, an da gés de hém a lés dech an d'Bett ! Setz dech duer, ech gin dann d'Schinne sichen, an dann hu mer de Säch geschwënn an der Rei ! Fir awer keng Zeit ze verle'eren, lé alt gleich zwe'n Daler op den Dësch !

Märten Jo. ... Her Dokter.

(*de Jang léft zur Dir aus a könnt no e puer Sekunden mat enger Sé, puer Stëcker vun enger Lcd, an emgem länge Biësemstronk erëm. An der Zeit grimmelt de Märten ëmständlech mat der enger Hand an den Täschen dorëmmer fir de' zwen' Daler zuzammenzebrëngen*).

Jang Eso' hei hätte mer de Kotteng. De' Stëckerchen sin ewuel e bëssen dëch, mä dann halen se och duer. (*hién höllt d'Móss lanscht dem Märten sein Arem a schneit de Biësemstill an zwé Stëcker. Dat ént dervun muss awer eso' lång bleiwen, dat et ongefé'er fofzeng Zantimeter iwert d'Hand an och iwert den Elebo' erausstét. Mat engem Sél an den Dicher bënd en dann den Arem an d'Schinnen. De Patient we'mert*).

Eso' ! Nu komm, lé nach den Arem hei op de Stull, da schneiden ech der nach of, wat ze lång ass, an da se mer fiérdeg. (*hié schneid virun der Hand an um Elebo' vum Märten de Biësemstronk mat der Sé*

of) Eso' ! Also we' gesot : Elo gés de hém a légs dech an d'Bett; an iwert drei Wochen kanns de erém kommen, awer nämme mueres virun acht o' der mëttes virun eng Auer. Hues de verstânen.

Märten Jo, Her Dokter.

Jang An doënnen, beim Ausgang gés de net zur vischter mä zur hënneschter Dir aus. durech d'Gärdestróss ! Verstânen ?

Märten Jo, Her Dokter a Merci.

Jang Merci och. (Märten of).

Jang (eleng) Ech hätt égentlech de' Operation do net mache sollen ! Dat ass scho me' d'Sâch vun enger Klinik o' der engem Schënner. Nujé, et werd jo alt richt ausgoen !

10. Optrëtt.

(De Jang bëckt sech énnert de Schâf a knëppt och de' zwe'n Dâleren an d'Nnuechschnappech. Da gëtt en sich erém bell drun mat opräumen. -- Kürz drop kônn den Dokter a voller Fréd).

Dokter Jang, krédjéft Jang, du bass net eso' domm, we's d'ausgeseis !

Jang (Fir sech) Bëânëren, ass et de Konträr !

Dokter Wat sés de ?

Jang Ech son, do huet der recht, Her Dokter !

Dokter Maija. We' ech elo iwert de Märt gänge sin, ei ! si hunn ugeschlon, we' preisesch Regimente a Bëcklecke gemacht bis op de Buedem ! 't war eng

Fréd, an de Mëtteg gët op dé Force eng geholl, hues de verstane, Jang ?

Jang Ah, secher, Her Dokter, a mer drénken se zsummen, geldirt, well mir zwe'n eso' gudd bei enén passen, net wo'er, Her Dokter ?

Dokter Jo, an dann, wo' s'Iéch elo kennen, werden der och secher geschwën als Patiente kommen. well we' et bis elo war, kann et dach net viru goen. Eso' hile mer et net lãng aus !

Jang (Schalekseg) Wié wéss ?

Dokter Wat sés de ?

Jang Si werde scho kommen, Her Dokter, Wann Eren Numm eng Ke'er gemacht ass...

Dokter Da léfs, de elo nach op de Speicher, Jang, a bréngs é Kuref voll Holz erof. mir mussen bésse Feier an de Wartesall machen, 't ass scho frësch dobaussen.

Jang Jo, Her Dokter. (of)

(Den Dokter setzt d'Képchen an de Brëll op, dét de weisse Paletong un, a sicht eng Zeitong. — An dem Ablëck stirmt de Bauer mat der Medizinsfläschelchen erann, de' de Jang em gin bat a jeitzt :

Bauer Oh, Her Dokter, Her Dokter, mei Jépi, mei Jépi, (schle't d'Hänn iwert dem Kapp zsummen) Mei Jépi, mei Jépi !

Dokter (erfé'ert) Dé Mann schengt geckig ze sin. (hié gët ro'eg bei en a sét) Bero'egt Iéch, mei Frënd, wat ass geschitt ?

Bauer Dir huet em net gehollef, dir huet em net gehollef ; vir enger hálwer Stonn ass e gestuerwen.

Dokter Majo, mei le'we Mann, we' konnt ech dann hóllefen ; ech wosst jo neischt dervun !

Bauer (*ganz verwonnert*) Hei elei! well wéss hién neischt dervun. Ma de' ass mer gutt. Ah eso! dir sit dér én, de' neischt dervu wéssen, wann et quésch gét ! Abé, merci dann! Ech peiffen léch op éren Dokter an all ér Medizin an all éren Taraxaci Taraxaci a we' dé Buték all héscht! Ann dir kritt och keng Ham a keng Zóssis a ké Branntwein an och keng Schnauf! Dir Kurfuscher. dir léselsdokter, dir dësen an dén!

Dokter (*an der Angscht*) Mei le'we Mann, dir sitt net lítwrig an der Kopp, a wann der elo net gleich aus dem Zëmmer sit, dann telefone'eren ech der Polizei. Ech hale wuel jo! (*hié spréngt hannert den Dësch, an hält dén ëmmer zwëschen sech an dem Bauer*).

Bauer Ech sin me' richtig an der Kopp, ewe' dir! (*werft d'Fläschelchen op den Dësch*) Do, da könnt der nach engem aneren fir zwe'n Dáler dé selweschten Dreck opschmiéren.

Dokter (*höllt Fläsch a rësselt de Kapp*) Total veréckt ! Total verréckt !

II. Optrétt.

(*An dém Abléck flitt d' Dir op an de Soda spréngt eran*)

Soda Dir Schwindler, dir Neischnotz, dir Afendokter. Zannter datt ech hei fort sin, hunn ech nach net eng Ke'er un de Bäck gefuer, an en dèt mer nach

me' we', we' soss. Ann ech hun de ganze Muerge geduecht fir me' gescheit am Kapp ze gin, an d'gëtt mer nach ëmmer me' domm dran. Ann all zwo' Minutte muss ech well ne'schten. Wann der mer keng Medizin verschreiwt, da schloen ech léch d'Fënsteren an, allegueren. (*De Bauer stét och nach ëmmer do a fúchtelt mat sengem Staf*).

Dokter (*hält sech hannert dem Dësch*) Mei le'we Frënd, ech muss léch och soen, datt ech neischt vun all érem Geschwätz verstin. Watt kann ech fir ére Bäck an ért Ne'schten an ér Dommhét am Kapp a so' virun a so' virun ?

Git allen zwe'n érer Wé a losst mech mat Ro'!

Soda a Bauer zúsuminen Mä dät wiér léch kammo'd! Wa mir eist Geld eraus gin fir Dokter a Medizin, dann hätte mer och giér gehollef, watt eng !

Dokter Mä, dir hütet mir dach nach wahrhafteg ké Geld gin!

Soda (*rosen*) Wat sot der do ? (*Könnt me' no un den Dësch erun*) Waat sés de ? Zwe'n Daler, ass dat ké Geld, so! ass daat ként?

Bauer (*könnt och erbei*) A mein Daler, ah eso'! Ass daat neischt? Dú muss dëck do sin, wann dat alles neischt ass; fir eis ass et vill.

Dokter (*kann sech hirer net me' erwiéren a rifft ganz hárt*) Hé Jang, Jang, Jang, Hëllef, Hëllef !

(*De Jang gönnt erbeigesprongen, geseit de' Zwé'n a bleiwt ganz paff stoen. Och de' reissen d'Aen op, we' se hién gesinn*).

- Jang (no enger Pauss) Watt ass hei lass ?
- Dokter Mä, de' zwe' Männer do wölle mech iwerfalen, 't sin zwe' Géschteskranker, si wëssen net me', wat se mächen.
- Soda (ganz ro'eg) Verzeit, HerDokter; elo gét mir re'cht é Lichtchen op.
- Dokter Endlech.
- Soda (weisst op de Jang) Her Dokter, dir könnt fir neischt, do stét den Neischnotz !
- Bauer Jo, jo daat ass en. Ech kennen en un der gro'sser Nuess an un der bréder Maul.
- Soda Jo, jo, ech och, ganz gené.
- Dokter Wat ass dann égentlech? Da schwätzt emol ro'eg én no dem aneren.
- Jang Sit ro'eg; ech gin léch all ér Sue rëm. Hei sin se nach. (hié bëcht sech ënnert de Schaf...)
- Dokter (streng) Jang, sëf ro'eg. Du schwätz ere'scht, wanns de gefrot gëss ? (zum Soda) Lo ass et un dir.
- Soda Majo, Her Dokter, 't war mer net gutt, du sin ech de Muerge hei an ért Haus komm, an du huet dén doen ére Brëll an ér Képchen opgesat, en huet mer puer domm Hausmättelen verschriewen an 2 Daler ofgeholl; ett ass e Spetzbuew, én Neischnotz én Halsofschnaider...
- Bauer A mei Jépi, mein ârme Jépi war och krank, Her Dokter, an du huet den Hond mer de' Fläsch hei matt gin a gesot, hié misst all zwo' Stonnen dounnen richen, a wann et neischt ge'f notzen, et ge'f

och neischt schueden, a fir dén Efalt huet e mer och alt én Daler ofgezwackt. A wé wëss, wiewill datt en der nach drubruecht huet!

- Jang (Wërft sich dem Dokter zu Fe'ss a rífft :) Verzeiong, Her Dokter, ech man et net me, sëcher net, an d'Suen gin ich och all erëm, hei sin se.
- Dokter (kürz) Op der Stell ! (De Jang bezuelt) An nun mëchs de dich eraus, eso' se'er we' deng Bén dech droen, a fënnef Minutte bass de baussent der Dir.
- Soda a Bauer (zefridden) Jo, Herr Dokter, a virun der Dir huele mir en an Empfank !

R I D O

